Fir wien?	Wou?	Dauer:	Vir-bereedung:	Zuel vun de Kanner:	Zuel vun de Chef:	Thema:
Wëllef an Avex	op groussem Terrain, et geet awer och an engem grousse Chalet	2 Stonnen	1 Stonn	op mannst 8 Kanner, déi op mannst an 2 Gruppen agedeelt sinn	op mannst 6	Ausbeutung vun de Bananne-baueren, fairen Handel

Dem Ana säin Alldag an der Bananekooperativ « Fair Banann » / Geländespill

Zil

An dësem Spill geet et drëms, Suen fir eng Banannekooperativ zesummenzekréien, andeems Banannen ugeplanzt an exportéiert ginn. Dës Banannekooperativ baséiert um Prinzip vum fairen Handel a biologeschem Ubau. Et gëtt allerdéngs e puer Hoken. Den Düngerfliger vun der Firma Schikicka flitt heiandsdo iwwert d'Bananneplantage "Fair Banann". Dëst bréngt en Aarbechtsausfall duerch Krankheet mat sech. Ausserdeem hunn d'Banannebaueren beim Ubau vun hire Banannen mat munneche Schwieregkeeten ze kämpfen.

Material

~ Geldschäiner (10 mol kopéiert)
~ 3 Schëlder: Kooperativ, Ackerland, Fairtrade
~ Wollfiedem vu verschiddene Faarwen fir d'Famillen ze zeechnen
~ Verkleedung fir d'Düngerfliger (weit Gewand mat Trompettenäerm o.ä., Helm,...)
~ Sprutz fir den Düngerfliger
~ 10 Bambusstaangen oder laang Bengelen
~ Käertecher: Waasserdrëpsen, Banannesom, Banannen, Exportschäiner
~ Latäinamerikanesch Musik
~ fairgehandelt Banannen fir zum Schluss mat de Kanner z'iessen

Spillvirbereedung

Op engem groussen Terrain gi verschidde Plazen markéiert:

~ en Eemer mat 20 Käertercher „Waasserdrëpsen", eng Quell, déi no an no ëmmer méi ausdréchent
~ en Eemer mat 20 Käertercher „Banannesomsäck" fir de Somhändler
~ eng Ackerlandfläch (ofgegrenzte Fläch vu 5 op 5 m)

D'Cheffe verdeele sech op hir Posten:

~ Ee Chef ass Somhändler. Hien huet d'Käertecher mat dem Banannesom.
~ Ee Chef as de Quellewiechter. Hien passt op, datt d'Kanner net dat ganzt Waasser huelen an verreckelt d'Quell vun enger Plaz op di aner.
~ Zwee Cheffe sinn am Büro vun der Kooperativ.
Si léinen de Famille Suen, wa si keng méi hunn.
Si verkafen Ackerland.
Si tauschen Waasser a Som géint Banannen ëm.
Si verdeelen de Kanner hire Loun, wa si mat hirem Exportschäin vum Hafen zréckkommen.
Si féiere Buch iwwer de Gewënn an d'Prêten vun all Famill.

~ Ee Chef ass am Hafen am Exportbüro. Hien huet Exportschäiner dobäi an tauscht de Kanner dës géint Geldschäiner ëm. Hien hëlt dono och de Kanner hir Banannen mat an den Export.
~ Ee Chef spillt den Düngerfliger mat enger Sprëtzpistoul.

Aféierung

D'Kanner ginn eppes iwwert dem Ana säin Alldag an der Banannebauerefamill aus dem Ecuador gewuer. D'Ana huet hinnen e Bréif geschriwwen. An dësem Bréif beschreift hatt säi Liewen a säin Alldag op enger Bananneplantage. Seng Famill gehéiert zu der Banannekooperativ „Fair Banann". Hei bidden sech zwou Méiglechkeeten un, d'Aktivitéit unzefänken:

~ De Chef liest dem Ana säi Bréif vir.

oder

~ D'Kanner lande mat Hëllef vun engem Fliger direkt beim Ana, dat hinnen seng Geschicht da selwer verzielt. Ee Chef spillt an dësem Fall d'Ana, wann deen dann och nach e bësse spuenesch schwätzt, kann e roueg aus sech rausgoen. ☺

Hei ass dem Ana säi Bréif:

Moie Kanner,
Ech heeschen Ana an hunn 16 Joer. Ech wunne mat menger Famill an engem Duerf am Ecuador. Mir wunnen am Dschungel matzen an enger Bananneplantage. Mir si Bananeros, dat si Banannebaueren. Mir bauen d'Banannen un, a nach ier se zeideg sinn, ginn se op e grousst Schëff bruet. Sou gesinn eis Banannen eppes vun der Welt. Vläicht hutt dir och scho vun eise Banannen giess.
Mir verdéngen am Mount ongefëier 120 Euros. Domadder verdéngen mir méi wéi aner Bananeros. Mir schaffen nämlech all zesummen op enger "fairer" Bananneplantage. Eis Firma ass bereed, méi fir eis Aarbecht ze bezuelen. Si fënnt, dass eis haart Aarbecht e gerechte Loun verdéngt.
Dëst ass awer eréischt zënter engem Joer de Fall. Virdrun hu mir fir eng aner Bananefirma, Schikicka, geschafft. Hei hu mir net esou vill verdéngt, a schlëmmer nach, mir hu misse mat Gëftstoffer d'Banannen düngen. Dësen Dünger huet ganz schlëmm Otemproblemer an Hautkrankheete mat sech bruecht. Ech war dacks krank an hunn nuetelaang gehouscht. Mäi Papp hat e schlëmmen Ausschlag um ganze Kierper.
Virun engem Joer hu mir d'Méiglechkeet kritt an d'Nopeschgemeng ze plënneren an do op enger Biobananneplantage ze schaffen. Dës Plantage heescht "Fair Banann". Mär mussen elo net méi mat dësem gëftegen Dünger schaffen.
D'Bananne ginn zwar net sou grouss wéi déi op der Schikicka-plantage. Mee ech krut gesot, dass an Europa vill Leit léiwer déi kleng fair gehandelt Banannen iessen, obwuel dës am Butték e bësse méi deier sin. D'Leit si bereet méi ze bezuelen, well si wëssen, dass et eis dowéngst besser geet.
An effektiv, ech muss manner houschten a mengem Papp säin Ausschlag ass geheelt.
Gott sei Dank verdéngen mir och elo besser.
Virun 2 Méint huet Schikicka awer Land direkt niewt eiser "Fair Banann" Plantage kaf. D'Fligeren, déi d'Plantagen aus der Loft düngen, passen net ëmmer op a fléien oft iwwert d'"Fair Banann" Plantage. Dat ass net gutt, wëll mir düngen eis Banannen net mat chemeschen Pestiziden, déi krank maachen.
Mee kommt mech dach besichen! Ecuador ass e wonnerschéint Land. Vläicht kënnt dir eis en Dag op der Plantage hëllefen. Dat wier super. An ech weisen iech, wéi schéin d'Liewen am Dschungel ka sinn!

Bis hoffentlech geschwënn,
hasta luego,
Ana

Dono soll de Prinzip vu “fairem” an “onfairem” Handel kuerz erkläert ginn.
Entweder Dir erkläert de Kanner de Prinzip un Hand vun den Informatiounen aus dem éischten Deel vun dësem Classeur oder dir weist e klenge Film.
E Film kann de fairen Handel lieweg illustréieren. Den däitsche Kannerfilm mam Peter Lustig vun 20 Minutten „Mittendrin – Alles Banane“ kann an der Mediathéik vun der Erwuessebildung iwwert Internet ausgeléint ginn. www.erwuessebildung.lu
Aner kleng Filmsequenze vun e puer Minutten iwwert de fairen Handel fannt dir um YouTube mam Stëchwuert „fairtrade bananen“. Wann dir e puer Versammlungen Zäit hutt, kënnt dir och eng Zeitung zum Thema erstellen, ier dir d’Spill macht. Sou sin d’Kanner am Viraus da schon gutt iwwert de fairen Handel informéiert.
Duerno ginn d’Kanner opgefuerdert, dem Ana op der Plantage ze hëllefen. Sou ka seng Famill d’Suen zesummekréien, fir vum Bananennubau ze liewen.

Spillufank

D’Kooperative regroupéiere vill eenzel Familllebetriber. All Sizaine oder Patrull stellt also eng Famill duer, déi mat der selwechter Faarw Wollfuedem gekennzeechent gëtt. All Famill kritt 100 Dollar als geléintent Startkapital vun der Kooperativ.
D’Kanner solle sech elo opdeelen ënnerhalb vun hirer Famill a festleeën, wien sech em d’Waasser, em d’Ackerland an em den Export këmmert.

Spilloflaf

Mat de Suen kënnen d’Familllen elo Som kafen. Dëse kréien si beim Somhändler. Si kennen ni méi wéi 3 Somkären matenee kaafen. Si mussen och genuch Waasser an de Quellen fannen fir hiert Ackerland bebauen ze kënnen. Dës Reendrëpsen fanne si am Eemer, deen all 10 Minutten op enger anerer Plaz verstoppt gëtt well d’Quell emmer erëm verdréchent. Well d’Waasser sou wäertvoll ass, duerfe si all Kéiers just 1 Reendrëps huelen.
Si mussen och Ackerland kafen an der Kooperativ. Hei kréien d’Familllen eng Parzell Land a Form vun enger Bambusstaang. Si ginn se an d’Plantage stiechen a markéieren esou hiert Land. Fir Banannen kënnen ze kréien, mussen si an der Kooperativ 1 Somkär an 1 Waasserdrëps géint eng Banann ëmtauschen. Dës kënnen si dann un hir Bambusstaang hänken. All Bambusstaang ka 5 Banannen droen. Wann d’Bambusstang vollhängt, plécken d’Familllen hir Banannen, verkafen se a brauchen erëm neit Land.
Fir d’Banannen ze verkafen, brauchen d’Kanner en Exportschäin. Dësen Exportschäin kann een am Hafen am Exportbüro kafen an d’Bananne kënne mam Schëff an Europa transportéiert ginn. Rëm zréck an der Kooperativ kréien d’Kanner hire Loun : si ginn den Exportschäin of als Beweis datt d’Banannen elo an den Handel koumen a kréien hir Pei vun der Kooperativ. D’Cheffen an der Kooperativ féiere Buch iwwert d’Peien an d’Konten vun all Famill. Si ginn dem Somhändler, dem Exportbüro an dem Quellewiechter d’Käertercher no an no zréck, déi si vun de Kanner beim Emtauschen kréien.



Spillhürden

Während dëser ganzer Zäit mussen d’Familllen sech an hir Kooperativ virun den Düngerfligeren schützen. D’Düngerfligere kënnen d’Kanner ugräifen a mat der Sprutz besprëtzen. D’Kanner mussen hir Saach, déi se grad am Grapp hunn (Suen, Som, Exportschäiner, Banannen oder Waasserdrëpsen) an hire Wollfuedem beim Düngerfliger ofginn a mussen zeréck an d’Kooperativ goen. Hei waarde si 2 Minutten well se krank goufe vun de Pestiziden, déi den Düngerfliger versprëtzt huet. De Chef an der Kooperativ schéckt si no 2 min erëm zeréck an d’Spill a bënnt hinnen en neie Fudem ëm.
Ëmmer erëm verdréchnen d’Quellen. Den Eemer mat de Waasserdrëpsen gëtt vum Quellewiechter all 10 min op eng aner Plaz verréckelt.
No 20 min deelt d’Kooperativ de Kanner mat, dass den Export fir d’Bananne méi deier ginn ass. Dëse kascht elo 80 Dollar amplaaz 50 Dollar.
No 30 min deelt d’Kooperativ de Kanner mat, dass d’Somkäre méi schlecht gi sinn. Sie brauchen elo nët méi 1 mee 3 Somkären an 2 Waasserdrëpse fir eng Bananne-staud kënnen unzeplanzen.

Enn vum Spill

No 60 min ass d’Spill eriwwer. Déi ganz Zäit wou d’Spill leeft kann eng latäinamerikanesch Musik lafe gelooss ginn. Wann déi fäerdeg ass (no 60 Minutten ausmaachen), ass d’Spill eriwwer.
An der Kooperativ gëtt de Kont vun all Famill gemeet (Gewënn minus dat geléintent Startkapital vun 100 Dollar vum Ufank).
D’Gewënnerfamill kritt vum Ana en extra grousse Luef oder Bong. Als Merci un all

Famillen kënne mir zesummen eng fairgehandelt Banann iessen. An de Bilan vun der Aktivitéit net vergiessen! An engem Ofschlossgespréich kënnen d'Kanner nach emol op hir Froen an op Onverdautenes zréckkommen. D'Cheffen kennen dann och nach eng Kéier op déi spezifesch Entwécklungsproblemer agoen fir d'Sensibilisatiounsaktivitéit ofzeschléissen.

Präislëscht

Waasserdrëps	Gratis
Somkär	1 $
Parzell (Bambusstaang)	30 $
Exportschäin	50 $
Ee Loun fir eng exportéiert Bambusstaang mat 5 Banannen drop	300 $

Skizz




Lëtzebuerger Guiden a Scouten
1
ZESUMME FIR ENG WELT
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
1
ZESUMME FIR ENG WELT
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
1
ZESUMME FIR ENG WELT
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
1
ZESUMME FIR ENG WELT
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
10
ZESUMME FIR ENG WELT
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
10
ZESUMME FIR ENG WELT
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
20
ZESUMME FIR ENG WELT
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
20
ZESUMME FIR ENG WELT
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
50
ZESUMME FIR ENG WELT
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
100
ZESUMME FIR ENG WELT


EXPORT
EXPORT
EXPORT
EXPORT